PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
27 DEC. 2019
1645

Lëtzebuerg, den 27/12/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Konsumenteschutz weiderzeleeden.**

De Premierminister a Minister fir Digitaliséierung hat a senger Äntwert op d'Question orale n°72 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement vum 19ten November 2019 zum Thema Diskriminéierung duerch Algorithmen geäntwert, dass et bei Prozeduren beim Staat zu kengen Diskriminéierungen fir de Bierger dierft kommen an dass all Bierger gläich behandelt muss ginn. Hie verweist heifir op den Artikel 22 vum europäeschen Dateschutzreglement (RGPD) an och op d'Dokument "*Intelligence artificielle: une vision stratégique pour le Luxembourg.*", wou vun enger "*Approche centré sur l'humain*" Ried ass a méi präziis steet soguer geschriwwen:

> Le gouvernement entend sensibiliser les citoyens à l'IA et les aider à en acquérir une compréhension plus approfondie, afin qu'ils passent du statut de simples consommateurs passifs à celui d'utilisateurs actifs des produits, services et technologies liés à l'IA. Il importe qu'ils prennent conscience tant de ses potentialités que de ses limites. (Säit 10)

De *Bundesverband der Verbraucherzentralen und Verbraucherverbände* huet eng ëmfaassend Analyse zur Uwendung vum RGPD fir Verbraucher gemaach an zitt d'Bilanz, dass bei der algorithmescher Gläichberechtegung aktuell nach Problemer bestinn. Ënnert anerem bemängelt de Verband den Artikel 22 vum RGPD, andeems e schreift:

> Ein großes Manko ist ferner, dass Art. 22 DSGVO keine Qualitätsanforderungen an automatisierte Entscheidungen festschreibt. Solche Qualitätsanforderungen sollten sicherstellen, dass Fehler und Risiken von automatisierten Entscheidungen reduziert werden und dass Verbraucher darauf vertrauen können, dass automatisierten Entscheidungen tatsächlich auf Basis valider Annahmen und Modelle getroffen werden.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Kenntnis vun de Mängel, déi de Rapport op de Säiten 9, 10 an 11 opwerft?
    - Falls jo, sinn déi zoustänneg Ministeren der Meenung, dass d'Problematik och Lëtzebuerg betrëfft?
        - Falls jo, wéi eng Konsequenzen zéien déi zoustänneg Ministeren aus der Analyse?

2. Gesäit d'Regierung een Ulooss, déi national Gesetzgebung z'adaptéieren, fir

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

d'Mängel, déi am Rapport am Zesummenhang mam RGPD genannt ginn, auszemäerzen?

- Falls nee a falls d'Regierung plangt de Problem iwwert d'EU-Instanzen ze léisen: Wäert d'Regierung d'Thematik am EU-Ministerrot op den Ordre u Jour stellen?
  - Falls jo, bis wéini?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 30 décembre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1645 du 27.12.2019 de Monsieur le Député Marc Goergen - Discrimination à cause de décisions prises par des algorithmes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président de la Chambre des Députés
Mars Di Bartolomeo
Vice-Président